N°3988
Entrée le 27.04.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 27.04.2026
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 24/04/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir den Interieur & Ëffentlechen Déngscht weiderzeleeden.**

A virege parlamentaresche Froen (n°3623 an 3758) wollt ech vun de Ressortministeren Kloerheeten bei Krankeschäiner am ëffentlechen Déngscht souwéi am Gemengesecteur, spezifesch wat d'Retroaktivitéit vun de Krankeschäiner betrëfft. Am Kontext vun der Uwendung vum C*hapitre V – Congé pour raisons de santé* vum Fonctionnairesstatut stellt sech eng weider Problematik an der Praxis, notamment beim Gemengesyndikat TICE.

An engem konkrete Fall war en Agent Donneschdes a Freides krank gemellt, ouni Certificat médical, konform zum Artikel 16, dee virgesäit, datt eng Persoun maximal dräi Deeg konsekutiv ouni Attest ka feelen. Duerno hat den Agent de Weekend fräi a war net fir d'Aarbecht agedeelt. Méindes huet déi Persoun sech nach ëmmer net gutt gefillt an huet sech nees krank gemellt – nach ëmmer ouni Certificat médical.

D'Direktioun vum TICE interpretéiert dës Situatioun esou, datt de Weekend (Samschdeg a Sonndeg) automatesch an d'Krankheetsperiod mat abezu gëtt, obwuel den Agent sech fir dës Deeg net krank gemellt huet, well si, dem Schichtplang no, ee fräie Weekend hat. An der Äntwert op d'Fro n°3758 haten d'Ministeren den Artikel 28-3, Alinea 4, vum Staatsbeamtestatut zitéiert, deen vum jour ouvré schreift. De jour ouvré ass awer am Gemengesecteur net kloer am Gesetz vum 24ten Dezember 1985 fixant le statut général des fonctionnaires communaux definéiert, wat am Kontext vu Schichtaarbecht an onreegelméissegen Aarbechtszäiten zu Interpretatiounsspillraum féiert.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Gëllt de Weekend am Gemengebeamtestatut als „jour ouvré"?

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

2. Gëllt, am Fall vu Schichtaarbecht, een Dag, un deem den Agent net ageplangt ass, fir ze schaffen (z. B. Roudeeg), als „jour ouvré“?

3. Bezitt sech de Begrëff vum "jour ouvré" ausschliisslech op effektiv geplangten Aarbechtsdeeg?

4. Op wéi enger rechtlecher Basis kënnen Deeg, déi weder geplangten Aarbechtsdeeg sinn nach explizit krank gemellt goufen, als Fortsetzung vun enger Krankheetsperiod ugesi ginn?

5. Ass et konform mam Statut vum Beamte souwéi Gemengebeamten, dass Deeg ouni geplangten Déngscht (Roudeeg) als Deel vun enger Krankheetsperiod consideréiert ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Deputéierten